LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie (ZLO): en neien Outil, fir seng Kompetenzen an der Lëtzebuerger Orthografie ze testen an unerkennen ze loossen (11.11.2024)

Den 11. November 2024 hunn de Kulturminister, Eric Thill, an de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, zesummen den ZLO (Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie) presentéiert. Et handelt sech ëm en neie standardiséierten Test, dee jiddwerengem et erlaabt, seng Kompetenzen an der Lëtzebuerger Orthografie ze evaluéieren an sech se mat engem offiziellen Dokument, dat vum Institut national des langues Luxembourg (INLL) ausgestallt gëtt, zertifizéieren ze loossen.

Den Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie ass ausgeschafft ginn am Kader vun enger Kollaboratioun tëschent dem Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS), dem Luxembourg Center for Educational Testing (LUCET) an dem Institut national des langues Luxembourg (INLL). Déi Kollaboratioun ass am Juli 2021 ugelaf. Den ZLS huet de Contenu an d'Questionnairë vum Test op Basis vun de wichtegste Lëtzebuerger Orthografiesreegelen ausgeschafft. De Lucet huet derfir gesuergt, datt d'Test-Plattform de wëssenschaftleche Krittären entsprécht, déi d'Validitéit vun de Resultater am Hibléck op eng offiziell Zertifizéierung garantéieren.

Den Test, fir den Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie ze kréien, kann een am INLL op engem Tablet maachen. En dauert ronn véierzeg Minutten an ëmfaasst 90 Froen, déi nom Zoufallsprinzip aus engem gréissere Froekatalog erausgesicht ginn. All eenzel Fro besteet aus engem Saz, an deem d'Persoun, déi getest gëtt, fir e bestëmmtent Wuert déi richteg Schreifweis ënner véier Propose muss auswielen. Eng eenzeg Äntwert ass richteg.

Den Test gëtt direkt iwwer d'App um Tablet ausgewäert. D'Resultat gëtt a Prozenter ausgedréckt a riicht sech no der Zuel vu richtegen Äntwerten. All Kandidat, deen den Test fäerdeg mécht, kritt en offizielle Certificat vum INLL, mam Prozentsaz, deen erreecht gouf.

Interesséiert Kandidate kënnen sech vum 11. November 2024 un iwwer myinl.inll.lu umellen an e Rendez-vous huelen, fir den Test um INLL ze maachen. Den Tarif fir den Test an d'Ausstelle vum Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie ass 30 Euro.

No zwou Testphase mat 700 respektiv méi ewéi 170 Persoune gëllt den Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie als e qualitativ héichwäertegen Outil, fir d'Kompetenzen an der Lëtzebuerger Orthografie ze evaluéieren. E kann als weidere Moyen ugesi ginn, fir d'Popularitéit an d'Vitalitéit vun eiser Sprooch ze moossen.

Bei der Presentatioun vum ZLO huet de Kulturminister, Eric Thill, ënnerstrach, datt „duerch dësen Test e weidere Punkt vum Aktiounsplang iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch kann ofgehaakt ginn" an datt „den ZLO d'Kompetenzen an der Lëtzebuerger Orthografie offiziell unerkennt an zum gudde Verständnis vun der Lëtzebuerger Sprooch an domat hirer Valorisatioun bäidréit."

De Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, huet preziséiert, datt „de Lancement vum Zertifikat Lëtzebuerger Orthografie d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch an eiser Gesellschaft nach emol ervirhieft an d'Offer vun didakteschem Material a vun online Outilen, fir

d'Sprooch ze léieren, completéiert“ an datt en „engem ëmmer méi grousse Gebrauch vum geschriwwene Lëtzebuergesch entgéintkënnt an e weideren Ustouss fir Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger ass, fir d'Sprooch richteg schreiwen ze léieren.“